equipe-program2011_v5_equipe aug-11_vers2-a5 9/12/11 8:19 AM Page 1

ÄR EQUIPE

onofhängeg a couragéiert

Mir maache weider!

Lëscht 5

FRANÇAIS: page 9

DEUTSCH: Seite 10

Är Equipe 2011 setzt sech weider fir eng éierlech a couragéiert Gemengepolitik an.

Eis Virschléi si realistesch a baséieren op eiser Erfahrung vun de leschte sechs Joer.

Wat huet Är Equipe opweises?
Wat ass nei?
Wat huet Är Equipe wëlles?

D'Informatioun vun den Awunner

E kompetente Service an de Gemengebüroen.

Mir hu méi Leit agestallt an den Accueil nei organiséiert. De „Bierger-Center" bitt op enger zentraler Plaz zu Koplescht all wichteg Servicer un.

De „Bierger-Center" bitt all wichteg Servicer un.

E modernen Internet Site

De Site vun der Gemeng gouf erneiert.

Mir maache weider! Mat „macommune.lu" wëllt Är Equipe 2011 zesumme mam SIGI (Syndicat intercommunal de gestion informatique) en nach méi performante online-Service offréieren.

Eng méi aktuell Gemengenzeitung

Aus dem KONTAKT soll eng Gemengenzeitung mat Noriichten an Informatiounen vun de Veräiner ginn. Nëmmen nach déi wichtegst Informatiounen aus de Gemengerotssitzunge sollen op Pabeier verëffentlecht ginn. D'Gemengerotsrapporte solle séier a vollstänneg um Site vun der Gemeng nozeliese sinn.

Neies ronderëm d'Schoul

Et goufen néng **Klassesäll** gebaut resp. nei ageriicht. All d'Kanner aus der Gemeng ginn an dat selwecht Schoulgebai a kënne vun der **Maison Relais** an der **Bibliothéik** profitéieren. De **„Précoce"** huet zwee grouss Säll zur Verfügung an e Spillhaff mat iwwerdeckter Veranda. D'Schoulbibliothéik, déi mir ageriicht hunn, ass an engems Mediathéik fir d'Kanner an huet vill Succès.

Aus engem eidelen, langweilige Schoulhaff hu mir e **„grénge Schoulhaff"** gemaacht, mat vill Planzen, Spiller a Klammgeräter. Aus dem „klenge Schoulhaff" gouf eng **Sportsplaz**. D'Schoulschwammen ass fir all d'Schoulklassen agefouert ginn.

Aus engem eidelen, langweilige Schoulhaff hu mir e „grénge Schoulhaff“ gemaacht.

D’Maison Relais ass elo d’ganz Joer op (ausser an der Chrëscht-Vakanz). D’Mëttesiesse fir d’Kanner entsprécht de Prinzipie vun enger biologesch-gesonder Ernährung an d’Kanner profitéiere vun der Schoulbibliothéik.

3 zousätzlech Educatricen an Educateure sinn zënter 2005 agestallt ginn.

De Programm „Vakanz doheem“ ass ausgebaut ginn.

Mir maache weider!

D’Sécherheet an der Schoul, an der Maison Relais an um Schoulwee läit **Är Equipe 2011** besonnesch um Häerz. E Gemengenemployé suergt dofir, datt all Sécherheetsbestëmmungen agehale ginn. Mam Léierpersonal an der Elterenassociatioun wëllt **Är Equipe 2011** e „Pedibus-Projet“ realiséieren, bei deem en Erwuessenen d’Kanner op deem geféierlechste Stéck Wee begleet.

E grousse Projet um Briddel

Well méi Leit an eis Gemeng plënneren, muss de Schoulzenter an deenen nächste 5 - 10 Joer vergréissert ginn. **Är Equipe 2011** huet doriwwer nogeduecht, wou a wéi dat ka gemaach ginn. Mir wëllen dëse Projet mat de Leit an dem Léierpersonal diskutéieren.

Kultur a Fräizäit

Jugend

Déi zwou Scoutsgruppen, genee wéi d’Jugendhaus, leeschten eng wichteg Aarbecht. Dofir hu mir fir d’“Däereldéieren“ en neie Chalet gebaut an d’Raimlechkeeten vun de „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ ënnert der Sportshal an d’Rei gesat.

Mir maache weider!

Am Jugendberäich wëllt **Är Equipe 2011** nei Weeër goen. Eist Jugendhaus muss „dynamiséiert“ ginn, eventuell an Eegeregie vun der Gemeng. Eis jonk Leit sollen encouragéiert ginn, sech sozial a kulturell z’engagéieren a selwer Verantwortung fir d’Jugendhaus mat z’iwwerhuelen. Si solle méi Informatiounen iwwer “Eventer“ kréien, awer och iwwer d’Beruffsliewen an Ausbildungsméiglechketen. D’Gemeng soll dobäi en aktive Partner sinn.

Mir hunn den 2 lokale Scoutsgruppen besser Reimlechkeeten geschaaf.

“D’Steng mat Liewe fëllen“

Dat hat **Är Equipe** versprach an dat hu mer gemaach, an zwar vun Ufank un: Concerten, Kabaräsowender, Virträg, Liesungen, kulturell Excursiounen an eng impressionant Zuel vun Ausstellunge stounge sechs Joer laang um Programm. Bei de „Salons des Artistes“ ass ëmmer erëm opgefall, wéivill Leit aus eiser Gemeng kreativ sinn.

D’Verainer hu sech dacks beklot, datt et u **Säll** feelt. Am Wirtspesch stinn elo déi fréier Schoulsäll fir **Versammlungen**, Aarbechtssitzungen etc. zur Verfügung.

Um 2. Stack am Kulturhaus ass en **Internetraum** ageriicht ginn. Eng Rëtsch Coursen hunn an déi verschidden Technike vu Computer an Internet ageféiert.

Wann Interessi do ass, ginn däer weider ugebueden.

D’Museksschoul ass fir **Är Equipe 2011** ganz wichteg. De Programm vun de Coursen ass ausgebaut ginn. Et war eng Freed, bei de Concerte vun der Musek déi jonk Schüler voller Begeeschterung spillen ze héieren.

D’Lëtzebuergesch Coursen hate ganz vill Succès. Och mat dëse Course mécht **Är Equipe 2011** virun, a wa genug Interessi do ass, och mat anere Sproochcoursen.

Eis **berodend Kommissiounen** hunn eng wichtig Roll am sozialen a kulturelle Liewen iwwerholl.

Mir maache weider!

Är Equipe 2011 zielt och an den nächste Joren drop, datt d’ Bierger sech engagéieren an Initiativen a Projeten entwécklen. Mir stelle gär nees déi néideg logistesch a finanziell Hëllef zur Verfügung.

D’Kierch zu Koplescht

D’Kierch ass bannen nei ugestrach ginn. Déi elektresch Anlagë si komplett erneiert ginn. D‘“Molkerei“ gouf renovéiert a kann elo am Wanter als Kapell genotzt ginn.

Kulturhaus

D’Akustik an d’Beliichtung musse verbessert ginn, fir datt kleng Concerten, Konferenzen, Kabarätsowender besser Bedingunge fannen.

Ronderëm d'Kulturhaus wëllt **Är Equipe 2011** e rouegen Eck, ouni Autoen, dofir mat Grénge a Bänken ariichten.

Mir maache weider!

E grousse Projet fir Koplescht

Zu Koplescht plangt **Är Equipe 2011** en neie **„Centre Wirtspesch"** mat engem groussen Allzwecksall, dee sech och fir sportlech Aktivitéiten eegent. D'Technik vun der Bühn soll gutt Bedingunge fir Concerten, awer och fir Theater a Kino bidden.

Wichtig: Eise Projet ass esou geplangt, datt den ale "Wirtspesch" ka genotzt ginn an der Bauzäit vum neie Gebai. Net ze vergiessen: de Projet geseit nei Parkplatze vir.

Déi **"Al Schoul"** ass fir Koplescht e wichtegt Gebai a gëtt endlech renovéiert. Architekten a Statiker préiwen am Moment, wéi een deen ale Bau ka renovieren an ëmbauen. Sozial Servicer a lokal Veräiner **sollen hei nei Raimlechkeete kréien.**

Ëmwelt a Liewensqualitéit

Kläranlag

Mir hu mam SIDERO (Syndicat Intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduaires de l'Ouest) eng Kläranlag no den neisten techneschen an ekologeschen Norme gebaut.

Den neie **Waasserreservoir** vu 4.000 Fudder tëscht Briddel a Koplescht suergt dofir, datt verschidde Quartiere besser mat Waasser versuergt ginn.

Den neie Waasserreservoir suergt dofir, datt verschidde Quartiere besser mat Waasser versuergt ginn.

Am Stroossener Bësch beim Waassertuerm gëtt an deenen nächste puer Joer nach e grousse Reservoir gebaut.

All Neibauten an och verschidde méi al Gebaier si fachgerecht isoléiert ginn. All ëffentlech Gebaier sinn op Naturstroum ëmgestallt ginn.

E Bongert um Briddel

An der Verlängerung vun der Schëndelser Strooss sinn Uebstbeem geplanzt ginn, ë.a. al Uebstzorten.

Dee Projet soll weider gefëiert ginn.

Mir maache weider!

E klenge Park

"An der Sangen" ass e klenge Park geplangt, no beim Futtballsterrain, mat Bänken a Spillplazen. Et gëtt ugefaangen, wann de Kollekter laanscht d'Mamer bis an déi nei Kläranlag fäerdeg ass.

Weeër a Pied

an der Gemeng ginn an d'Rei gesat. **Velospisten** sollen bis an d'Nopeschgemenge féieren.

Futtball an Tennis

Zu **Koplescht** gëtt en neie **synthetesche Futtballterrain** fir den Training genotzt. Och déi Jugendlech kënnen do drop spillen. Bei der Briddeler Schoul gouf am „klenge Schoulhaff" e Sportsterrain mat syntheteschem Belag amenagéiert.

De Kierfecht um Briddel huet misse vergréissert ginn.

Verschidden Tennisterrainen hu misse ganz nei gemaacht ginn. D'Gemeng huet dat grousst Trainingszelt kaaft. Esou kann d'"Kanner-Tennis-Schoul" och am Wanter funktionéieren.

Infrastruktur

Kierfechter

De Kierfecht um Briddel huet misse vergréissert ginn. Dat war eng Prioritéit, well um Kopleschter Kierfecht loossen déi staatlech Autoritéiten nëmmen nach "Urne"-Begriefnesser zou.

Är Equipe 2011 setzt och de Kopleschter Kierfecht an d'Rei.

Stroossen

Verschidde Stroosse sinn nei gemaacht ginn (rue du Bois, rue Kennedy, rue des Bruyères, rue de l'Ecole) a Kanal - a Waasserleitunge si frësch verluecht ginn.

Mir maache weider!

An den nächste Jore sinn nach aner Stroossen nei ze maachen a Verkéiersberouegungen ze plangen. Den iweschten Deel vun der Schëndelser Strooss gëtt wéi geplangt zréckgebaut, dat war aus finanzielle Grënn an der leschter Mandatsperiod net méi méiglech.

Eis technesch Servicer sinn net adäquat ënnerbruecht. **Är Equipe 2011** wëllt dofir eng Hal bauen, wou all technesch

Servicer (a wa méiglech och d'Pompiere) mat hirem Material a Ween Plaz hunn. Mir verhandelen doriwwer mat den zoustännege Servicer vun der Regierung.

D'Sécherheet op de Stroossen

D'Sécherheet op de Stroosse gouf op ville Plaze verbessert. An der Montée de Bridel an an der rue de Schoenfels hu mir vill gemaacht, fir de Verkéier ze berouegen.

An der ganzer Gemeng hu mer **„Vitesse 30"**-Panneauen opgestallt.

An der Strooss op Steesel gëtt d'Vitesse op 70 km/h erofgesat.

An der rue de Schoenfels hu mir vill gemaacht, fir de Verkéier ze berouegen.

D'Verkéiersluuchten op der Haaptkräizung zu Koplescht sinn duerch „intelligent" Luuchten ersat ginn. Op der N12 sinn d'Iwwergäng fir Foussgänger elo beliicht. Op gefäierlechen Trottoiren hu mir Poteauen opgestallt, och bei der Schoul.

Zu Koplescht op Mamer zou an um Briddel Richtung Stesel sinn d'Trottoire bis bei de Bësch verlängert ginn.

Déi grouss Verkéiersproblemer

Tangente Ouest, Couloir Bus, besser Verbindunge mat den Nopeschgemengen… do si mir ëmmer nees bei dem zoustännege Minister an de Servicer intervenéiert.

Mä do huet eng Gemeng net vill Méiglechkeeten, fir Drock ze maachen a mir sinn op "national" Grenze gestouss!

Mir maache weider!

Nieft der Fuerderung, datt manner Privatverkéier duerch eis zwou Uertschaften geet, wëllt **Är Equipe 2011** Bus-Verbindunge mat den Nopeschgemenge Mamer a Miersch, d.h. an déi Dierfer, an deene Lycéeë si resp. entstinn, wat och fir eis Kanner praktesch wär. Gespréicher mam zoustännege Minister si scho gefouert ginn.

Wunnenge fir all Matbierger

Zu Koplescht hu mir en Terrain kaaft a mam "Fonds de Logement" en Accord fonnt, fir Wunnenge fir eis Matbierger zu engem soziale Präis zur Verfügung ze stellen. Dëse Projet gëtt direkt an Ugréff geholl.

En neie Bebauungsplang

D'Viraarbechte fir en neie PAG (plan d'aménagement général) si praktesch ofgeschloss. De Bauperimeter soll net vill erweidert ginn. Esou wäit dat neit Gesetz eis Spillraum léisst, wëllt **Är Equipe 2011** déi wichtegst Baubestëmmungen net wesentlech änneren.

De Projet vum PAG gëtt den Awunner no de Wale an Informatiounsversammlunge virgestallt an erkläert. Wéi d'Gesetz dat festleet, huet duerno jiddwereen d'Geleeënheet, seng evtl. Reklamatioune virzebréngen.

Eis Finanzen

Eis Gemeng brauch Suen, fir déi Servicer ze bezuelen, déi se fir hir Bierger muss oder wëll leeschten: z.B d'Ënnerhale vun den Infrastrukturen, d'Schoul an de Schoultransport, d'Subside fir d'Veräiner oder och de Streedéngscht am Wanter, asw. Dës ordinaire Dépensen hunn 2011 ronn 7,2 Milliounen Euro an eisem Budget ausgemaacht.

Wou kommen déi Suen hier? D'Gemengentaxe sinn dovunner nëmmen e klengen Deel, mä zesumme mat deene Suen, déi mir vum Staat kréien, maachen eis Recetten am Budget vun dësem Joer 8,7 Milliounen Euro aus. Den Iwwerschoss vun 1,5 Milliounen Euro gëtt geholl fir Investissementer wéi Stroossen, Kanalisatioun, Neibauten etc ze finanzéieren.

Dëse Schäfferot ass an de leschte 6 Joer keng Aarbechten ugaangen, déi en net finanzéiere konnt! Mir hunn och keen Emprunt opgeholl. D'pro-Kapp-Verschëldung ass am Ament méi niddereg wéi se war, wéi Är Equipe ugetrueden ass.

Wéi geet et weider?

En zweete Waasserbaseng, d'Erneierung vun der Sportshal, e moderne Centre Wirtspesch, d'Renovatioun vun der „Aler Schoul" an aner Infrastrukturaarbechten (Stroossen, Kanalisatioun, Waasser etc), kënne vläicht net méi ouni weideres nëmmen iwwer déi ordinaire Gemengerecettë finanzéiert ginn. Sollten déi staatlech Bäihëllefen et net méi méiglech maachen, esou Projeten ze finanzéieren, da musse mer en neien Emprunt ophuelen, wa mer d'Gemengentaxen net wëllen eropsetzen.

Eis Gemeng ass kee Spuerveräin a muss an d'Zukunft investéieren.

Är Equipe 2011 bleift de Garant fir e virsiichtegen a sozialgerechten Ëmgank mat de Suen. D'Servicer fir d'Awunner a besonnesch fir d'Kanner an déi jonk Leit sollen am Virdergrond stoen.

equipe-program2011_v5_equipe aug-11_vers2-a5 9/12/11 8:19 AM Page 9

Är Equipe 2011 veut continuer la politique courageuse et honnête, entamée il y a six ans. Notre programme est réaliste et repose sur l'expérience acquise en politique communale.

Accueil et communication:

Nous avons amélioré les services offerts aux habitants notamment en créant un centre d'accueil des citoyens à Kopstal.

Programme:

• Optimiser l'information online et la publication **KONTAKT**.

Un centre scolaire:

Tous les enfants de la commune sont à présent scolarisés à Bridel et peuvent bénéficier de la maison relais et de la biblio-médiathèque. Les cours de récréation ont été transformées en places de jeux et de sport. La Maison Relais est ouverte pendant toute l'année y compris pendant les grandes vacances. Un employé communal assure que les consignes de sécurité soient observées dans l'enceinte scolaire.

Programme:

• Réaliser un projet «pédibus».

• Si l'accroissement de la population l'exige, planifier un centre scolaire plus vaste, intégrant les espaces existants et améliorant l'accueil des enfants et les espaces pour les activités sportives.

Vie sociale, culture, sports et loisirs:

La vie culturelle et sociale a été dynamisée: conférences, expositions, soirées de théâtre et de cabarets, concerts, rencontres avec des auteurs, cours de langue (notamment les cours de luxembourgeois) et d'«internet» et encore l'école de musique ont «rempli de vie» les espaces culturels disponibles. A notre initiative, la «Fête de la musique» a été organisée également dans notre commune.

Deux terrains synthétiques ont été aménagés, l'un comme cour scolaire et l'autre comme terrain d'entraînement de foot. Certains terrains de tennis ont été réaménagés.

Programme:

• Remplacer le «Centre Wirtspesch» par une structure sociétaire polyvalente moderne.

• Rénover l'«Ancienne Ecole» de Kopstal (rue Schmitz) pour y accueillir les services sociaux et les associations locales.

Infrastructures, environnement et développement durable:

Certaines rues et infrastructures souterraines (canalisation, eau …) ont été renouvelées. La station d'épuration a été agrandie et modernisée. Un réservoir d'eau potable a été construit pour garantir et améliorer l'approvisionnement de tous les quartiers de la commune. Tous ces travaux ont été réalisés sans qu'un nouvel emprunt ait été nécessaire.

Programme:

• Construire un deuxième réservoir d'eau potable à Bridel afin de garantir l'approvisionnement à long terme.

• Continuer les projets «verger» et «petit parc an de Sangen» (rue de Mersch)

• Entretenir le réseau de sentiers et de pistes pour vélos.

• Améliorer et sécuriser le réseau routier communal.

• Présenter aux habitants un nouveau plan d'aménagement communal.

• Continuer les interventions auprès des responsables pour que les grands projets routiers (liaison routière Kehlen-autoroute vers Arlon, couloir bus) puissent enfin délester le trafic sur la N12.

Français

Är Equipe 2011 will die ehrliche und verantwortungsvolle Gemeindepolitik weiterführen, die sie vor sechs Jahren begonnen hat. Unser Programm bleibt realistisch und baut auf unserem Wissen und unseren Erfahrungen auf.

Dienstleistungen und Information

Wir haben die Dienstleistungen für die Einwohner verbessert, unter anderem durch das neue „Bürgerzentrum".

Programm:

- Verbesserung der online-Information und der Gemeindezeitung **KONTAKT**.

Eine Zentralschule

Alle Kinder der Gemeinde gehen jetzt in die Brideler Schule und können das Angebot der „Maison Relais" und der Biblio-Mediathek nutzen. Die Schulhöfe wurden zu Spiel- und Sportplätzen umgewandelt. Die „Maison Relais" bietet jetzt eine Betreuung über das ganze Jahr an, einschließlich der großen Ferien. Ein Gemeindeangestellter wacht darüber, dass die Sicherheitsbestimmungen im Schulbereich eingehalten werden.

Programm:

- ein Projekt „Pedibus"
- wenn der Bevölkerungszuwachs es erfordert, Planung eines größeren Schulzentrums mit Raum für mehr Sportaktivitäten und entsprechend ausgeweiteter Betreuung der Kinder.

Soziales Umfeld, Kultur, Sport und Freizeit

Wir haben in den vergangenen Jahren vielfältige soziale und kulturelle Angebote gemacht: Konferenzen, Ausstellungen, Theater- und Kabarettabende, Konzerte, Autorentreffen, Sprachkurse (besonders Luxemburgisch-Kurse), Internet-Kurse und die Musikschule haben Leben in unsere Gemeinde gebracht. Wir haben 2006 die Idee des „Musikfestes" aufgegriffen, mit dem bekannten überwältigenden Erfolg.

Är Equipe 2011 begrüsst und unterstützt das sportliche Engagement der Bürger. Der Sportplatz bei der Schule und das Trainingsfußballfeld in Kopstal haben einen synthetischen Belag erhalten. Verschiedene Tennisplätze wurden erneuert.

Programm:

- das Zentrum Wirtspesch durch einen modernen Mehrzweckbau ersetzen.
- die „Alte Schule" in Kopstal renovieren und ihre Räumlichkeiten sozialen Dienststellen und lokalen Vereinen zur Verfügung stellen.

Infrastrukturen, Umwelt und nachhaltige Entwicklung

Wir haben viele Straßen erneuert, genauso wie Kanalisationen, Wasser- und Gasleitungen… Die Kläranlage konnten wir modernisieren und vergrößern. Ein Trinkwasserreservoir wurde gebaut. Wir haben darauf geachtet, dass diese Arbeiten durchgeführt wurden, ohne dass die Gemeinde eine neue Finanzanleihe aufnehmen musste.

Programm:

- Bau eines zweiten Trinkwasserreservoirs auf Bridel, um die Wasserversorgung langfristig abzusichern.
- Ausweitung der Projekte „Obstgarten" und „kleiner Park an de Sangen" (rue de Mersch).
- Instandhaltung des Wegenetzes und der Fahrradwege.
- Verbesserung des Straßennetzes der Gemeinde.
- Verbesserung der Verkehrssicherheit.
- Diskussion des neuen Bebauungsplanes (PAG) mit den Einwohnern.
- Weitere Gespräche mit den Verantwortlichen über die großen Straßenbauprojekte (Verbindung Kehlen - Autobahn Arlon; Buskorridor), damit der Verkehrsfluss auf der Straße N12 sich endlich verringert.

Deutsch

Romain ADAM *Buergermeeschter*

De Romain Adam ass Affekot. Hien ass bestuet an huet zwee Kanner. 1999 gouf hien direkt mat engem schéine perséinleche Resultat an de Gemengerot gewielt. 2005 gouf hie Schäffen, verantwortlech fir d'Finanzen. Hie war de President vun der Finanzkommissioun. Seng Kenntnisser am Droit ware méi wéi eng Kéier wichteg fir d'Gemeng. Am Januar 2010 huet hien de Guy Linster als Buergermeeschter ofgeléist.

De Romain Adam huet sech an all deene Jore vill ëm d'Entwécklung vun der Gemeng gekëmmert a bréngt déi néideg Erfahrung mat, fir eis zwou Uertschafte weider ze bréngen. Hien ass de Garant fir Kontinuitéit, mä versteet et och, nei Iddien opzegräifen an op déi grouss kommunalpolitesch Froen am Dialog mat de Leit Äntwerten ze sichen an ze fannen.

David BRAUSCH *Student (Droit)*

Den David Brausch war um Briddel an der Schoul. Säi Lycée huet hien um Lampertsbierg am LGL op der Sectioun „sciences" gemaacht. Duerno huet en ugefaangen Droit op der Uni Lëtzebuerg ze studéieren, wou en elo am 5. Joer ass.

Fir den David war et eng gutt Saach, datt et hei an der Gemeng eng Museksschoul gëtt. Hien huet do Klarinett geléiert. En etlech Joren huet hien, grad esou wéi säi Papp a säi Brudder, an der Kopleschter Musek gespillt.

Fir hien ass et wichteg, datt d'Jugend net vergiess gëtt. Hie mengt och, d'Kandidate vun Är Equipe kënnten am beschten deene jonke Leit aus der Gemeng nolauschteren an hir Virschléi eescht huelen. Als Jurist hofft hien, gutt matschaffen ze kënnen.

René BUCHETTE *Eisebunner (an der Pensioun)*

De René Buchette ass bestuet an huet zwee erwuesse Kanner. Hien ass staark um Foussball interesséiert. Hien huet bal 40 Joer selwer gespillt a war 22 Joer laang, bis viru kuerzem, Arbitter.

Zënter 7 Joer ass hie President vum lokale Foussballclub FC Kopstal 33 a probéiert, eis Jugend fir den aktive Sport z'interesséieren.

De René Buchette ass scho laang un der Gemengepolitik interesséiert. Zënter 2000 ass hie Member vun der Sportkommissioun. Hie war et, dee beim Schäfferot drop bestanen huet, d'Foussballslokal, d'Duschen an d'Toiletten erëm an d'Rei ze bréngen. Et war seng Iddi, zu Koplescht de syntheteschen Trainingsterrain z'installéieren.

Thilly ECKER-GOEDERT *Privatbeamtin ACL (an der Pensioun)*

D'Thilly Ecker-Goedert ass Mamm vun zwee erwuessene Kanner a Boma vu véier Enkelkanner. Si wunnt zu Koplescht an ass och do an d'Schoul gaangen. Duerno koum si an de Meedercherslycée an der Stad. Hir berufflech Ausbildung huet si an der Scherer-Schoul kritt.

D'Thilly Ecker-Goedert huet materlieft, wéi Koplescht an de Briddel méi grouss gi sinn. Si ka vun der Zäit erzielen, wéi am Duerf d'Geschäfter nach en Treffpunkt fir d'Nopere waren, a wéi d'Liewen an der Gemeng sech lues a lues verännert huet. Si trëtt dofir an, datt aus eiser Gemeng keng „Schlofgemeng" gëtt!

Thilly Ecker-Goedert ass gewinnt z'organiséieren, Verantwortung z'iwwerhuelen an op d'Interessen an d'Suerge vun de Leit anzegoen. Si huet dat op hirer Aarbecht am Automobilsclub geléiert, wou si 38 Joer Joer laang geschafft huet, dovunner 15 Joer als Chef vun der grousser Reesagence vum ACL.

Claire GEIER-COURQUIN *Ingénieur docteur INPL*

D'Claire Geier-Courquin ass zu Nanzeg gebuer. D'Famill Geier-Courquin wunnt zënter 1997 an eiser Gemeng. Doheem gëtt Däitsch a Fransëisch geschwat; déi 5 Kanner ginn hei an d'Schoul oder sinn elo am Lycée. Si hunn natierlech Lëtzebuergesch geléiert.

Claire Geier-Courquin ass aktiv an der Friemekommissioun, zënter déi hei an der Gemeng besteet. Hir Iwwerzeegung: d'Liewen gëtt positiv beaflosst, wann déi net-lëtzebuerger Leit a Kanner besser an d'Liewen an d'Schaffen vun enger Gemeng abezu ginn. Claire Geier ass Member an der Schoulkommissioun an ass Elterevertriederi beim Schoulcomité. An datt si Lëtzebuergesch schwätzt, mécht natierlech villes méi einfach.

Claire Geier-Courquin ass aktiv an der Chorale Sainte-Cécile. De Kannertheater «Kolibri & Co», deen deene jonken Acteuren an hirem Public esou vill Freed mécht, wär ouni hir Initiativ net entstanen.

Roger HAMEN *Attaché Centre de ressources Rockhal*

De Rosch Hamen ass zënter laange Joren an der Musekszeen aktiv, do wou Rock, Pop an Jazz grouss geschriwwe ginn. D'Jugend a besonnesch déi jonk Museker verdanken ë.a. him den Duerchbroch vun där Musek an eisem Land. De Rosch Hamen huet sech laang Jore fir d'Rockhal zu Esch-Belval agesat.

Hie wunnt zënter 1985 um Briddel, ass bestuet an huet zwee Jongen. Hien huet et fäerdeg bruecht, datt d'„Fête de la Musique" zënter 2007 e Begréff och an eiser Gemeng gouf. D'Leit aus eiser Gemeng verdanken him vill flott Concerten.

De Rosch Hamen ass Member vun der Kulturkommissioun. Hie weess, wéi wichteg et fir eng Gemeng ass, och um kulturelle Plang aktiv ze sinn a Leit ze hunn, déi dobäi eng Hand mat upaken. Et wär gutt, säi Wëssen a seng Relatioune fir eis Gemeng notzen ze kënnen.

Hendrik KÜHNE *Chargé de direction «Aarbechtshëllef» ASBL*

Den Hendrik Kühne war bestuet an huet ee Kand. Hie war 8 Joer al, wéi seng Elteren op de Briddel geplënnert sinn. Hien huet seng Première am Lycée Michel Rodange gemaacht, fir duerno seng Studien als Diplom-Politolog ofzeschléissen. Hien huet, zum Deel am Optrag vun der lëtzebuerger Regierung, am Ausland, an der Entwécklungshëllef, geschafft.

Et ass also net verwonnerlech, datt den Hendrik an der Friemekommissioun an an der Finanzkommissioun matschafft. Säi soziaalt Engagement weist hien op senger Aarbecht. Hien huet an der Jugendaarbecht um lokale Plang wichteg Responsabilitéiten iwwerholl.

Den Hendrik Kühne bréngt Asaz a Wësse mat, déi mer an der Gemeng onbedéngt brauchen.

Patrick OÉ *Privatbeamten am Bankesektor*

De Patrick Oé wunnt zënter 2000 an der Gemeng, ass bestuet an huet zwee Kanner.

De Patrick Oé ass Bankfachmann, a wéi hie sech an der Gemeng engagéiert huet, war hie wëllkomm an der Finanzkommissioun. A senger Heemechtsgemeng Stroossen war hie virdru schonn a Kommissiounen an a verschiddene Sportveräiner täteg.

Hien ass der Meenung, datt och méi kleng politesch Institutiounen, esou wéi eis Gemeng eng ass, an engem „globaliséierten" Europa vun ëmmer méi grousser Bedeitung sinn: nëmmen esou ka garantéiert ginn, datt de Mënsch als Bierger net vergiess gëtt.

Op Gemengeplang ass et fir de Parick Oé wichteg, datt d'Gemeng de Bierger e gudde Service liwwere kann an datt d'Bierger doriwwer eraus optimal op d'Gemengeninfrastrukture kënnen zréckgräifen, z.B. datt al Weeër a Pied an der Gemeng verbessert ginn, esou wéi Vëlospiste bis an d'Nopeschgemenge realiséiert ginn. Oder méi allgemeng gesot: an eiser Gemeng fir eng héich Liewensqualitéit ze suergen.

Maria SCHEPPACH *Affekot*

D'Maria Scheppach kënnt aus Bayern. Si wunnt zënter 1998 um Briddel an huet 2 Kanner, déi an eiser Gemeng an d'Schoul gaange sinn. D'Juristin Dr. Maria Scheppach huet sech viru kuerzem als Affekot um Barreau zu Lëtzebuerg ageschriwwen.

D'Maria Scheppach huet sech scho laang fir d'Liewen an der Gemeng engagéiert. Si ass Member vun der Kultur- a vun der Finanzkommissioun an ass Elterevertriederi beim offizielle Schoulcomité. Am Verwaltungsrot vun der „Crèche Botterblum" mécht Maria Scheppach zënter laange Joren d'Sekretariat.

Maria Scheppach interesséiert sech fir d'Geschicht vun eiser Gemeng. Si huet d'Charge vun der Sekretärin an der Associatioun „Koplescht Fréier an Hott" an e gudden Deel Redaktiounsaarbecht vum Bulletin iwwerholl. E Virdeel dobäi ass, datt Maria Scheppach ewell gutt Lëtzebuergesch schwätzt.

Patrick THILL *Ingénieur industriel CREOS (ex-CEGEDEL)*

De Patrick Thill ass vum Briddel. Hien huet dräi Kanner, vun deenen nach eent an der Gemeng an d'Schoul geet. Säi Beruff bréngt et mat sech, datt hien eis bei villen technesche Problemer berode kann.

Hie war laang Joren an der Verkéierskommission a bis 2009 an der Schoulkommissioun. Hie vertrëtt elo, mam Claire Geier-Courquin a mam Maria Scheppach, d'Eltere beim Schoulcomité.

De Patrick Thill huet schonn als Bouf geléiert, wéi wichteg et ass, sech fir d'Gemengepolitik anzesetzen: säi Papp huet vun Ufank un an "Är Equipe" matgeschafft a war e puer Joer laang Member vum Gemengerot.

De Patrick Thill kennt d'Entwécklung vun eisen zwou Uertschafte ganz genee. Fir d'Schlussphas vum neie Bebauungsplang si säi Wëssen a seng Verbonnenheet mat deenen zwou Uertschafte fir eis wichteg.

Dany WEYLER *Ëffentlechkeetsaarbecht radio100,7*

D'Dany Weyler wunnt zënter 1977 um Briddel an huet zwee erwuesse Kanner.

Si interesséiert sech zënter laangem fir d'Liewen an der Gemeng. Si war bis 2005 Member vun der Friemekommissioun a vun der Kommissioun Egalité des Chances. An der Mandatsperiod, déi elo op en Enn geet, huet Dany Weyler e puer Joer d'Egalitéits-Kommissioun presidéiert. Am Oktober 2010 ass si an de Gemengerot komm, wéi de Josy Huberty aus perséinleche Grënn demissionéiert huet.

Är Equipe ass sech bewosst, datt de Kontakt mam Bierger an eiser Gemeng nach ka verbessert ginn. Als Spezialist fir Ëffentlechkeetsaarbecht wäert d'Dany Weyler nei Iddien a Virschléi fir eng effizient Informatioun entwéckelen, fir datt d'Awunner besser un den Decisioune bedeelegt ginn.

equipe-program2011_v5_equipe aug-11_vers2-a5 9/12/11 8:19 AM Page 16

ËR EQUIPE

onofhängeg a couragéiert

Fir eng aktiv a realistesch Gemengepolitik

Romain ADAM
Avocat à la Cour

David BRAUSCH
Student (Droit)

René BUCHETTE
Eisebunner
(pensionnéiert)

Thilly ECKER-GOEDERT
Privatbeamtin ACL
(pensionnéiert)

Claire GEIER-COURQUIN
Docteur ingénieur INPL

Roger HAMEN
Attaché Centre de
ressources Rockhal

Hendrik KÜHNE
Chargé de direction
Aarbechtshëllef a.s.b.l.

Patrick OÉ
Privatbeamten BGL
BNP PARIBAS

Maria SCHEPPACH
Affekotin

Patrick THILL
Ingénieur industriel
CREOS

Dany WEYLER
Ëffentlechkeets-
aarbecht radio 100,7